



► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. An dann huet d'Wuert den Här Fernand Kartheiser.

► **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Villmools Merci, Här President. Ech wëilt och domat ufänken, fir am Numm vun der ADR dem Här Engel Merci ze soe fir e ganz komplette mëndlechen a schrëftleche Rapport.

Mir begrëissen de Prinzip vun deem Gesetz, géifen et also gär matstëmmen. Mir hunn awer zwou grouss Froen, déi eis dann dozou féieren, eis ze enthalen.

Déi éischt ass, datt mer trotz all deenen Assurancen, déi mer kritt hunn, net sécher sinn, datt wierklech souwuel d'Zuel vun den Informatiounen, déi an deen Dossier kommen, nëideg ass, a mir sinn och net iwwerzeegt, datt de Schutz vun den Donnéeën ënner allen Ernstänn séchergestallt ass.

Déi zweet Iwwerleeung oder déi zweet grouss Fro, déi eis awer zweifele léisst, dat ass dat, wat d'Madamm Lorsché och elo gesot huet, nämlech d'Implikatiounen vun de Behandlungen am Ausland. Och dat ass an eisen Aen nach net genuch gekläert.

Mir wäerten also dëst Gesetz begleeten, interesséiert begleeten. Mir géifen et och begrëissen, wa mer kéinten eng Evaluatioun no enger gewëssener Zäit maachen. Awer zum ablécklechen Zäitpunkt wäerte mer eis enthalen.

Villmools Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och. A leschten ageschriwwene Riedner ass den Här Marc Baum.

► **M. Marc Baum** (*déi Lénk*).- Merci, Här President. Dat Gesetz, wat mer elo hei votéieren, de Rapporteur huet et zu Recht gesot, ass e ganz technesch. An dat, wat e bëssen erstaunlech um Gesetz ass, ass, datt dat Fortschrittlechst dorunner eigentlech déi zwee Amendementer sinn, déi an der Kommissioun entwéckelt gi sinn an déi elo an dat Gesetz kommen. Dat eent ass den Artikel 190 vum Code de la sécurité sociale, wou den Iwwergang vum Krankengeld an d'Invalidérent besser geregelt gëtt, och zur Satisfaktioun vun der Salariatskummer. An dat zweet, dat ass eigentlech d'Kärstéck, dat ass den Zougang zu den Donnéeën vun der Agence eSanté.

An der Debatt 2010 mengen ech, datt vun alle Bänken a vun alle Fraktiounen éischter Zoustëmmung komm ass zu deem Prinzip, well et am Interêt vum Patient, vum Patient senger Behandlung a vun der Santé publique ka sinn. Awer och schonn deemools ass, mengen ech, vu Verschiddenen drop opmierksam gemaach ginn, datt et e ganz sensibele Beräich ass, wou et ëm perséinlech Donnéeën geet, an datt d'Securitéit vun dem Émgang mat an der Transmissioun vun deenen Donnéeën en zentraalt Uleies misst sinn.

2011 huet d'Agence eSanté dunn ugefaange mat schaffen an 2015 - d'Madamm Lorsché huet et virdrun ernimmt - ass eigentlech eng Testphas oder eng Phase pilote ugaangen, wou - ech hat och nach eng kéier d'Froestonn gekuckt - ronn 23.000 Leit bis zu deem Moment matgemaach hunn.

Wann een awer elo dat Gesetz hei kuckt, kann ee sech awer d'Fro stellen, wat da fir déi Testphas d'Base légale war vun deenen Donnéeën, déi dee Moment recueilléiert gi sinn, well dat jo elo eréischt eigentlech iwwert d'Gesetz geregelt gëtt. An och do, muss ee soen, kann ee frou sinn, datt d'Salariatskummer... a virun allem de Statsrot eng Opposition formelle gemaach huet an datt déi Donnéeën vill méi streng oder den Zougang zu deenen Donnéeën elo vill méi streng geregelt ass, wéi d'Regierung dat am Ufank virgesinn hat, déi am Fong e méi oder manner generaliséierten Zougang zu den Donnéeën vun der Agence eSanté virgesinn hat. Deen ass elo limitéiert ginn.

Et bleiwen, wat den Dossier de soins partagé ugeet, awer och fir d'Zukunft nach wesentlech Froen op.

Am Mee 2018 wäert dat europäesch Date-schutzreglement a Kraaft trieden, wat d'application directe ass, och fir Lëtzebuerg. An dat gesäit a gewëssener Hisiicht e Paradigmewissel vir, wat den Dateschutz ugeet, nämlech vum Opt-out-Modell, datt een als Patient, an deem Fall wat d'Santé ugeet, d'Méiglechkeet huet, ausetrieden aus deem System, dat heescht, datt e ka refuséieren, datt seng Donnéeën partagéiert ginn, gesäit de Modell vum Reglement vun der Europäescher Unioun vir, datt et en Opt-in soll ginn. Dat heescht, datt de Patient wëssentlech a wëllentlech säin Accord ginn huet en connaissance de cause, fir kënnen do matzemaachen.

Dat Reglement, dat ass d'application directe, a wann dat bis am Mee a Kraaft trëtt, dann huet dat, mengen ech, ganz wesentlech Implikatiounen op d'Gesetzgebung, well bis elo an eiem Gesetz just déi Opt-out-Méiglechkeet virgesinn ass.

An do och d'Fro un de Minister: Et ass elo kierzlech e Règlement grand-ducal presentéiert ginn, wou och schonn éischt Reaktiounen drop komm sinn, notament vun der Salariatskummer, awer och, souwäit ech weess, vun der Dokteschassociatioun, déi ganz kritesch mat deem Règlement grand-ducal ëmginn, well se eben notament soen, datt déi Méiglechkeet vum Opt-in oder d'Obligatioun vum Opt-in an domadder d'Orientéierung un der neier europäescher Linn, net dra virgesinn ass.

D'Fro un d'Regierung oder un de Minister ass: Wéi gedenkt si oder wéi gedenkt de Minister domadder ëmzegoen a sech och konform ze setzen elo scho mat deenen Obligatiounen, déi am Mee 2018 op eis duerkommen?

Dëst gesot, Här President, ginn ech awer den Accord vun der lénker Fraktioun.

Merci.

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och. An d'Wuert huet elo den Här Sozialminister.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Romain Schneider**, *Ministre de la Sécurité sociale*.- Merci bien, Här President. Och vu menger Sait e grouse Merci un de Rapporteur fir engersäits säi mëndlechen, virun allem awer och dee schrëftleche Rapport, deen e gemaach huet, da virun allem awer och der zoustänneger Chamberskommissioun fir hir ganz effektiv Aarbecht, déi gemaach gouf. Ech mengen, et waren ëmmer ganz vill Interventiounen vun deenen eenzelne Fraktiounen an et gouf hei schonn drop higewisen, datt mer och opgrond vun deenen Diskussiounen, opgrond virun allem awer och vun den Avisen engersäits vum Statsrot, awer och vun anere Chamberen Amendementer gemaach hunn, och eng Rei Präzisatiounen an deem Text virgeholl hunn.

Et geet och e bëssen an deem Projet elo ënner - de Rapporteur huet et zwar gesot -, datt selbstverständlech eent vun den Häerzstécker d'Agence eSanté ass, ma datt derniewent awer och eng ganz Rei vun technesch - et ass richtig - Adaptatiounen sinn, souwuel wat engersäits d'Gesondheetskeess betrëfft wéi den Unfall wéi awer och d'Pensiounsversécherungen, wat virun allem technesch Adaptatiounen sinn, déi sech engersäits aus der Praxiserausgestallt hunn, mä déi virun allem awer och eng administrativ Vereinfachung fir d'Assuréeën duerstellen.

Och dat ass eppes, sécher well et grad en technesch Dossier ass, wat ganz dacks vergiess gëtt. Et soll een et hei awer ernimmen, well mer virun allem och ëmmer probéieren an der Regierung, mä ech mengen och Dir als Parlament, Gesetzer ze maachen, déi Saache verbessern, déi Saachen an der Praxis verbessern. Hei si kleng technesch Adaptatiounen an deene Beräicher. Dofir wollt ech awer nach eng kéier drop hiweisen, datt och dëst Gesetz wichteg ass, fir gestëmmt ze ginn, fir virun allem och hei den Assuréeën an den eenzelne Beräicher konkret kënnen virunzehëllefen.

De Punkt, deen dann hei méi konkret ugeschwat gouf, ass dee vun der Agence eSanté an hei virun allem vun deem ganze Volet iwwert d'Donnéeën respektiv vun dem Zougang zu den Donnéeën, gewosst, datt dëst Gesetz jo net d'Missioun vun der Agence eSanté elo definéiert - dat gëtt an engem Projet à part gemaach -, gewosst och, datt d'Reglement, dat hei ugeschwat gouf, an der Tëschenzäit elaboréiert ass - an ech mengen, virun allem den Här Baum ass zum Schluss drop agaangen - an datt schonn opgrond vun deem Reglement eng Rei Kriticken erakommen.

Dëst Reglement ass de Moment eragaange bei de Conseil d'État, deen amgaangen ass, et ze kucken. An an deem Moment, wou mer do d'Remarquë vum Conseil d'État, virun allem och op d'Kompatibilitéit par rapport zu eenzelne Gesetzer respektiv zur Constitutioun, kënnen zrëckkréien, wäerte mer dat natierlech och analyséieren a gegebenenfalls dann amendéieren.

Ech mengen, et ass eng Propos, déi huet misse geholl ginn, fir virun allem och virunzekommen an deem Dossier. Ech spiere bei jiddwerengem, datt virun allem och no enger Zäit vun Ulaφphas, enger Testphas, déi een huet, déi jo och, mengen ech, esou opgrond vun deem, wat getest gouf, protegéiert war vun enger Autorisiatioun vun der Commission nationale de la protection des données... Mir hate jo do d'Autorisatioun, fir virun allem och am Kader vun deenen Akteuren, déi iwwert de Médecin référent ageschriwwen sinn, kënnen dës Testphas ze maachen.

An der Tëschenzäit sinn niewent deenen 23.000 4.000 Volontairen derbäikomm. D'Agence eSanté huet selwer en Appell gemaach un 10.000 Assuréeën hei zu Lëtzebuerg, doriwwer eraus u 14.000 Assuréeën an der Grande Région, fir och kënnen mat dru bedeelegt ze sinn. Also och dee Reservoir ass do an där zweeter Testphas. An et ass ganz kloer, datt elo all déi „technesch Bobboen“, soen ech emol esou, déi nach do sinn, kënnen ausgemäert ginn an datt effektiv dee ganze System elo operationell ass.

Sécher läit mir an der ganzer Regierung, mengen ech, wéi lech och, natierlech d'Vertraulichkeet vun den Donnéeën um Häerz. Dat ass ganz wichteg, datt mer eng grouss Protektioun vun den Donnéeën hunn, déi ganz sensibel sinn, déi awer kënnen hëllefen - an dat hunn ech och erausgespuert, datt dat eng grouss Chance ka sinn, fir awer och virun allem dem Patient, soen ech emol esou, an deem Moment kënnen ganz schnell ze hëllefen -, wann effektiv och déi eenzel Intervenantë kënnen direkt Accès hunn op dee ganzen Historique respektiv déi ganz Contrainten, déi e Patient, déi en Assuré a verschiddene Beräicher huet.

Mä et ass ganz kloer, datt mer virun allem bei der Ëmsetzung mussen de richtige Kader setzen. Et gouf hei vun der Kompatibilitéit och geschwat vun den Donnéeën zum Ausland, zur Groussregioun. Sécher ginn et do aner Systemer. Et muss ee kucken, wéi een déi technesch ka mat iwwerschniden, gewosst, datt eng ganz Rei vun Assuréeën natierlech Frontaliere bei eis sinn, déi natierlech och vu béide Länner oder méi Länner profitéieren. Awer och international ass et wichteg, wann eng kéier een am Ausland ass, datt och do den Zougang ka sinn.

Ech muss soen, datt d'Prestataire eigentlech e ganz offens Ouer weisen, fir hei kënnen matzemaachen. Mir hunn der ganz vill, déi sech ëmmer erëm nei aloggen, fir och kënnen hei an deem Réseau mat derbäi ze sinn. An dofir mengen ech, datt dat heiten en éischte Schrëtt ass. An a Saache Missiounen vun der Agence eSanté gëtt dat ganz kloer an engem Projet à part definéiert. An de Règlement grand-ducal mécht eng ganz Rei vu Sécherheetsmoossnamen, fir virun allem och dee Kader ze setzen, deen och d'Chamber hei de Mëtteg gefrot huet.

Ech kommen dann zrëck op dese Gesetzestext a soen nach eng kéier Merci fir déi grouss Ënerstëtzung hei am Parlament par rapport zu deem Gesetzesprojet, deen niewent den technesch Adaptatiounen och dese Volet beinhaltet.

Merci bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och dem Här Minister.

Mir géifen dann zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7061 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7061 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen.

An d'Ofstëmmung ass eriwwer: 57-mol Jo, 3 Enthaltungen. Domat ass de Projet de loi 7061 ugehall.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden (par M. Laurent Mosar), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers (par Mme Martine Mergen), Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel (par M. Roger Negri), Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdin, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Céline Hemmen (par M. Alex Bodry) et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Eddy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia (par Mme Josée Lorsché), Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter (par M. Claude Adam) et M. Roberto Traversini;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen (par M. Fernand Kartheiser), Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vott unzefroen?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

A mir géifen zum nächste Projet iwwergoen. Dat ass de Projet 7150, eng Ofännerung vum Gesetz iwwert déi International Schoul zu Déifferdeng. An de Rapporteur, den honorabelen Här Lex Delles, huet d'Wuert.

11. 7150 - Projet de loi portant modification de la loi du 26 février 2016 portant création d'une école internationale publique à Differdange

Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

► **M. Lex Delles** (*DP*), *rapporteur*.- Merci villmools, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, viru bal zwee Joer hu mer hei am Haus iwwert d'Aféierung vun enger éischter effentlecher Internationaler Schoul zu Déifferdeng ofgestëmmt. Erlaabt mer dofir, éier ech lech elo dowéinst déi verschidde Punkte vun deem Projet de loi wäert opzielen, nach eng kéier d'Beweggrënn vun deem Projet vu virun zwee Joer ze erklären.

D'Haaptzil war et nämlech zu där Zäit an et ass haut iwwregens nach ëmmer esou, fir d'Schouloffere hei am Land ze diversifiéieren. Mir wëssen et alleguerten: Eis Schülerpopulatioun zeechent sech doduerch aus, dass se ëmmer méi heterogen gëtt. Dofir brauche mir Schoulen, déi deem och Rechnung droen. Wéi huet et am Kader vun der Lycéesreform geheescht: „Mir brauche Schoulen, déi sech den Talenter vun de Schüler upassen an net ëmgedrëit.“

Här President, wann ech d'Chiffere kucken, muss ech soen, dass déi Schouloffere Affer vun hirem eegenen Erfolleg ginn ass. Wéi d'Schoul hir Diere fir d'Rentrée 2016-2017 opgemaach huet, waren eng 140 Schüler an deene verschiddene Coursen ageschriwwen. Dëst Joer si mer scho bei 500 Schüler vun 42 verschiddenen Nationalitéiten. Den Trend weist kloer no uewen an dofir muss d'Offer also wéi gesot och zouhuelen.

Dat gëtt elo och mat deem Projet de loi gemaach. Et ginn am Ganze véier Kärpunkten, op déi ech elo a menger Interventioun wëll agoen.

Éischtens wäert d'International Schoul vun Déifferdeng eng Extensioun kréien. Dës Extensioun bleift am Süde vum Land. Et geet op Esch-Uelzecht, genau gesot an d'Hal Victor-Hugo, déi den Ament nach fräi steet.

► **Plusieurs voix**.- D'Schoul, net d'Hal.

► **M. Lex Delles** (*DP*), *rapporteur*.- D'Schoul, pardon, d'Schoul, jo.

Dat pädagogescht Konzept, ëm dat et elo geet, wäert awer natierlech och hei dat nämlech bleiwe wéi zu Déifferdeng. Et ass a bleift eng international Schoul fir jiddwereen, déi och op ass fir all Lëtzeburger oder Netlëtzeburger a virun allem, déi fir jiddwereen och gratis ass. Si ass public.

De Melange vu verschiddene Kulturen an Nationalitéiten, dat ass de Sënn vun där heite Schoul. A wa mer scho bei der Lëtzeburger Sprooch sinn, muss och erwänt ginn, dass d'Lëtzeburgeresch obligatoresch an där Schoul ass. All Kanner ginn also och un d'Lëtzeburgeresch Sprooch erugefouert, dëst fir hinnen eng Integratioun an eis Gesellschaft ze erliichteren.

► **Une voix**.- Dat steet awer néierens.

► **M. Lex Delles** (*DP*), *rapporteur*.- Awer et gëtt esou gemaach. Dat geet bekanntlecherweis am beschten och mat der Sprooch.

Eng logesch Konsequenz ass natierlech, dass d'Schoul dann och elo en aneren Numm kritt. Aus „École internationale à Differdange“ gëtt „École internationale Differdange et Esch-sur-Alzette“. Ech mengen, dat muss ech net weider erklären, dat erkläert sech vum selwen.

(Interruptions)

Déifferdeng ass vir.

En zweete ganz wichtige Punkt ass, dass eng däitschsproocheg Sektoun agefouert wäert ginn, nach eng Moossnam, déi enger wuessender Demande Rechnung dréit. Sou kënnen déi germanofon Schüler also hir Schoul op Däitsch maachen, mussen awer natierlech dann och eng zweet Sprooch wielen, wéi zum Beispill Franséisch oder Englesch. Si kënnen dann net linguistesch Fächer, déi am normale System ab dem Lycée op Franséisch sinn, wéi Mathé oder d'Sciencen, op Däitsch auswielen.

Well d'Demande bei der englescher a franséischer Sektoun ëmmer méi grouss gëtt, gëllt et also, d'Offer vun internationale Klassen am Süden ëmmer méi auszebauen. An dozou gehéiert eben och, déi däitsch Sprooch unze-



bidden. Et existéiert e reelle Besoin, an dat och bei der däitschsproocheger Gemeinschaft.

Här President, et gi mat dësem Projet och Classe-maternelle agefouert, déi sougenannt „Early-Education“-Klassen. Dës Klasse si gläich-zesetze mat dem éischten Zyklus am Fondamental. Et kënn also eng Spillschoul an d'Schouloffere derbäi. Déi Klassen eegne sech perfekt fir d'Kanner, bei deenen d'Lëtzebuergesch net hir Mammesprooch ass, mä déi sech awer wëllen an de Lëtzeburger Schoulsystem integréieren.

Ech kommen zum véierte Punkt an dee betrëfft d'Affäre vum enger Voie préparatoire vun der Formation professionnelle. Dat gëtt gemaach, fir de Jonken et ze erméiglechen, a verschidene Secteuren, an deenen zum Beispill déi englesch Sprooch enorm wichteg ass, zum Beispill d'Maintenance an der Aviatioun, d'Logistik an esou weider, Fouss ze faassen an hinnen de Start an d'Arbechtswien ze vereinfachen. Op d'Besoin vum Terrain agoen ass hei d'Stéchwuert.

Wat bréngt et engem, wann ee seng Berufsausbildung mat all deenen techneschen Notionen, déi do matkommen, an enger anerer Sprooch gemaach huet, wéi et eigentlech op der Arbecht och reell gebraucht gëtt? Dofir spillt déi Mesure och eng wichteg Roll.

Mat der Méisproochegkeet, déi da bei der Formation professionnelle ugebuede gëtt, gëtt geziilt op d'Erwaardunge vum Terrain virbereet. D'Programmer, déi am Kader vun der Formation ugebuede solle ginn, ginn nach zesumme mat de Chambre-professionnelen ausgeschafft. Dës soll fir d'Rentrée 2018-2019 gemaach sinn.

Et sinn och eng ganz Rei Avisé vum deene verschiddene Chambre-professionnelen a vum Statsrot erakomm. Déi an nach aner Präzisiounen zu dësem Projet de loi kënn Der a mengem schréfftleche Rapport noliessen.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren a ginn den Accord vun der Demokratescher Partei.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. An d'Wuert huet elo d'Madamm Martine Hansen.

Discussion générale

► **Mme Martine Hansen (CSV).** - Merci, Här President. An och e grouse Merci un de Rapporteur, de Lex Delles, fir säin ausféierleche Rapport.

Als CSV si mer mam Prinzip vun enger agreéierter Europaschoul, dat hat ech och schonns beim leschte Projet de loi gesot, averstanen. Ech wëll awer op zwee Punkten agoen.

Deen éischte Punkt: Et ass e Fakt, datt e grousen Deel vun de Schüler, déi an dës Schoul ginn, Kanner, Jugendlecher sinn, déi hei zu Lëtzebuerg gebuer sinn, déi och hei zu Lëtzebuerg an d'Schoul ginn, déi hei wunnen an déi och wahrscheinlech hei wäerte bleiwen. Dës Kanner kënnen elo vu klengem un, vun der Early Education un an eng - ech soen emol ënner Gänseféisercher - „aner“ Schoul goen, an eng Schoul mat spezifeschem sproochlechen Hannergrond. Mir bauen also e parallele System zu eisen éffentleche Schoulen op, an dës vun der Early Education un.

Als Erklärung gëtt virun allem d'Sproochevillfalt hei zu Lëtzebuerg ugin. An dëser Schoul hunn d'Kanner, déi Jugendleche méi Choix bei de Sproochen an dës Sprooch ginn och op eng aner Aart a Weis geléiert.

Als CSV soe mer, an dat hate mer schonns bei der Lycéesreform gesot, datt eng Villfalt vun ënnerschiddleche Schoulen eleng net kann d'Léisung sinn! Mir brauchen och eng Diskussioun iwwert d'Sproochproblematik an eiser - erëm eng kéier ënner Gänseféisercher - „normaler“ éffentlecher Schoul, iwwert déi ugewannte Methodik, iwwert d'Programmer an och iwwer eng méiglech Flexibiliséierung, mat méi Choix fir de Schüler. Mä leider wollt de Minister dat bei der Lycéesreform net maachen. Hie geet u sech virun allem a Richtung vun enger Villfalt vun ënnerschiddleche Schoulen.

A mäin zweete Punkt ass d'Beruffsausbildung. Dat war och schonns e Knackpunkt an eng Ursaach, firwat mer eis beim éischte Gesetz enthalen haten. De Minister hat nämlech virgesinn, datt déi Déifferdenger Europaschoul, am Géigesaz zu all den aneren agreéierten Europaschoulen, net nëmmen op de Bac sollt virbereeden, mä och nach sollt op eng Berufsausbildung virbereeden. Awer do war, wéi d'Gesetz gestëmmt ginn ass, nach absolutt kee Konzept do, wéi dat da sollt ausgesinn.

Ech hat deemools eng Partie Froe gestallt, ouni ganz kloer Antworten ze kréien. Ech hu gefrot: „Wéi eng Formatiounen sollen op Englesch ugebuede ginn?“ Do ass nämlech de Problem;

däitsch- a franséischsproocheger hu mer jo schonn. Wéi eng Lycéeë sollten dës engleschsproocheg Berufsausbildungen ubidden? Ech hu gefrot: „Wou fanne mer engleschsproocheg Patronen? Wou fanne mer engleschsproocheg Enseignanten?“ Mir hu scho Schwieregkeeten, fir genuch franséischsproocheg Enseignanten ze fannen. An ob ee Konzept do war an ob dat bis zum Schluss duerchduecht war.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et war sécherlech kee bis zum Schluss duerchduecht Konzept do! Dës Problemer schéngen elo zumindest emol erkannt ze sinn. Als Léisung gesäit de Minister nämlech vir, datt dës Schoul dann och elo soll d'Beruffsausbildung ubidden. Awer och do schéngt et mer, wéi esou dacks, datt d'Konzept nach net duerchduecht ass, well wéi ech gefrot hunn, wéi dës Berufsausbildung soll organiséiert ginn, sot de Minister: „Eventuell nom Gesetz iwwert d'Beruffsausbildung hei zu Lëtzebuerg“, mä do wäeren awer Derogatiounen méiglech. Sou kéinten zum Beispill Programmer aus dem Ausland akaaft ginn.

Et ass also nach net gewosst, wéi et soll organiséiert ginn. An, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Tatsaach, datt de Minister seet, et wär och méiglech, Programmer fir d'Beruffsausbildung fir d'Europaschoul anzekafen, fannen ech ganz speziell. Entweder eise System vun der Berufsausbildung, deen de Minister jo nach wëllt reforméieren, ass gutt: Da misst en och gutt si fir déi Déifferdenger Schoul. Mir hunn iwwregens och schonn engleschsproocheg Ausbildungen an eise normale System, zum Beispill am Emile Metz. Oder eise System ass net gutt: Dann däerf en och net gutt si fir déi aner Schoulen.

Dir Dammen an Dir Hären, aus dëse Grënn wäerte mer eis, obwuel mer mam Prinzip vun enger agreéierter Europaschoul averstane sinn, als CSV bei dësem Projet de loi enthalen.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. An d'Wuert huet elo d'Madamm Tess Burton.

► **Mme Tess Burton (LSAP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll dem Rapporteur, dem Lex Delles, e grouse Merci soe fir säi schréfftlechen a mëndleche Rapport, dee ganz komplett war. Deem ass eigentlech näischt méi bäizefügen.

Ech mengen, mir als LSAP begreissen et, dass mer eis Schouloffere weider diversifizéieren a mat där Extensioun och méi Schüler d'Geeleënheet bidden, fir kënnen vun där Offer ze profitéieren. An domadder ginn ech dann och den Accord vun der sozialistescher Fraktioun.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Claude Adam.

► **M. Claude Adam (déi gréng).** - Merci fir d'Wuert, Här President. Ech hunn, ech huelen un, wéi meng Kolleegen och alleguerten, zréckgelies, wat mer dann - ech mengen, et war am Januar, jo - den 20. Januar 2016 hei gesot hunn, wéi mer de Gesetzesprojet gestëmmt hunn. A mir hunn deemools festgestallt, datt mer heimadder eis Offre scolaire ausweiden, datt mer der Demande vun de Leit, déi bei eis am Land wunnen, noginn. Mir hu festgestallt, datt mer ëmmer méi Schüler an de Privatschoule kréien. An duerfir hu mer hei eng éffentlech international Schoul gegrënt.

An ech mengen, déi zwee Adjektiver - dat hat ech och schonn 2016 gesot - si wichteg: Et ass éischstens eng international Schoul, déi duerch en anere Sproocheregimm Attraktivitéit huet, an zweetens, an dat ass jo de ganz groussen Ennerscheid zu alle besteeënden Offeren, et ass eng éffentlech Schoul, dat heescht, et ass eng Schoul, wou den Normalbürger, den normale Resident hei zu Lëtzebuerg ka seng Kanner hischécken, ouni datt e muss mat héije Käschte rechnen.

Mir sinn der Meenung, datt dat e wichtige Schratt war, datt dat e Schratt war, dee sech opgedrängt huet zu Lëtzebuerg. Mir hu grouss Erwaardungen, wat de Fonctionnement ugeet vun dëser Schoul.

De Rapporteur, den honorabelen Här Delles, huet a sengem exzellente Rapport, souwuel mëndlech wéi schréfflech, och scho gesot, datt zum Beispill och d'Ziel vun de Leit, déi sech an déi Schoul mellen, grouss ass. Déi Schoul ass attraktiv.

Mir sinn och d'accord mat deenen Ännerungen, déi dann haut kommen. Éischstens, duerch déi grouss Demande musse mer auswäichen. Mir ginn dann och nach zousätzlech op Esch. An dat ass gutt. Ech sinn och frou, datt Déifferdeng nach ëmmer vir am Numm steet, well ech mengen, d'Gemeng Déifferdeng huet do relativ gutt matgeschafft, war och d'leschte kéier vum Minister gelueft ginn, datt dee Projet esou séier konnt ëmgesat ginn. Duerfir heescht

also dann d'Schoul och elo International Schoul vun Déifferdeng a vun Esch.

Zweete Punkt: Mir maachen eng Section germanophone. Wann dat eng Noutwendegkeet ass, da fanne mer selbstverständlech dat och gutt, datt déi Offer gemaach gëtt.

Selwer hat ech mech e bësse schwéiergedoen, firwat datt mer eng Classe maternelle géife maachen. An do hunn ech eigentlech just de Problem, wann hei am schréfftleche Rapport steet: «...s'adresse aux enfants désirant intégrer l'école internationale, mais qui n'ont pas une des langues de section proposées par l'école comme langue maternelle», an ech mengen, mir mussen eis och emol eng kéier driwwer ënnerhalen, wat mer ënner „langue maternelle“ an eise Land verstinn.

Ech hunn d'Chance, fir nach an d'Schoul eranzekommen. Ech sinn als fräie Mataarbechter vun der Uni elo nach heiansdo zu Clausen an enger Schoul gewiescht. Ech stelle fest,...

(**Interruption par Mme Anne Brasseur**)

„A Clausen“, Dir hutt ganz recht, ech ginn oft drop higewisen, Madamm Brasseur.

...a Clausen, do sinn 18 Kanner an enger Precoce-Klass. Wann ech mech net iren, ass ee Lëtzebuergesch Kand derbäi. Do kommen all Nationen aus der ganzer Welt zesummen. An do ass et esou, d'Mamm schwätzt eng aner Sprooch ganz oft wéi de Papp. An der Schoul gëtt nach eng aner Sprooch geschwat. An de Betreiuungsstrukture gëtt eng Sprooch geschwat. Ech mengen, et ass net méi esou einfach.

Mä ech froe mech einfach, fir wien elo méi spezifesch... Ech mengen, déi Situatioun, déi mer a Clausen hunn,...

(**Interruption**)

...déi hu mer och an anere Gemenge bei eis am Land. An ech mengen, datt eben dee Plurilinguismus e grouse Bestanddeel vu Lëtzebuerg ass. A wann et heescht: „Stell dech an der Rei!“, dann ass dat net onbedéngt e Kand, dat dat seet, mä dann ass dat effektiv heiansdo den Enseignant, deen esou schwätzt. Dat hunn ech alles schonn erlieft.

Dat gesot, menge mer, datt alleguerten déi Neierungen hei noutwendeg a richtig sinn.

D'Madamm Hansen huet gesot, si hätt sech d'leschte kéier missen enthalen, well ebe grad just eng Rei Froen, déi d'Beruffsausbildung betraff hunn, net konnte beäntwert ginn. Ben, ech mengen, virun allem ass et emol wichteg, datt mer eng Filière kreéieren. Si steet jo och nach net, mä si gëtt opgebaut. A mir ginn dem Minister dann do an der Schoul e Vertrauensvorschoss. Mir fannen et einfach gutt, datt och genau déi Filière gemaach gëtt, well fir déi Schüler ass am mannsten do, wat de Sproocheregimm ugeet. A mir ginn dervun aus, datt d'Schoul an déi Verantwortlech vun der Schoul do déi richtig Weiche stellen.

An deier Sënn bréngen ech och den Accord vu meenger Fraktioun zu dësem Projet de loi an ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. An dann ass deen nächste Riedner, den Här Kartheiser, scho prett.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Villmools Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll ufänke mat engem ganz häerzleche Merci un de Rapporteur, den Här Delles, deen eis déi kéier wéi d'leschte kéier de Projet gutt erkläert huet.

Ech hunn awer och eng schlecht Nouvelle fir den Här Delles: En huet eis déi kéier leider net kënnen iwwerzeegen, fir dës Projet ze stëmmen. An ech erklären lech ganz gär, firwat.

Et ass fir eis als ADR, ech mengen, dat weess jiddwereen heibannen, ëmmer eng Prioritéit, datt mer no der Lëtzeburger Sprooch kucken an no der Integratioun vun den auslännesche Matbürger hei an d'Land. Mir wäerten also ni e Projet ënnerstëtzen, deen eng Separatioun vun de Lëtzeburger an den Netlëtzeburger favoriséiert, den Auslänner. Mir wëllen och net Parallellgesellschaften favoriséieren. An dat, wat hei an dëser Schoul geschitt, dat kann eis net an deem Sënn zefriddestellen.

Mir hunn dat Gefill, datt hei deen Effort, dee misst gemaach ginn, fir wierlech eng Integratioun ze realiséieren, net geschitt. Mir hate schonn d'leschte kéier kritiséiert, datt Lëtzebuergesch net an de Stonnepläng ass, bis op zweemol eng hallef Stonn, mengen ech, dat steet iergendwou dran. Och datt et soll als Kommunikatiounssprooch och an der Schoul benotzt ginn, steet net am Gesetz. Dat gëtt eis just hei verséichert. D'lescht kéier stoung et an Ärem Rapport. Et steet awer net am Gesetz, Här Delles.

Dat ass einfach déi Situatioun, déi mir net kënnen akzeptéieren. Wann et dëser Regierung

eescht gewiescht wär mam Lëtzebuergesch an där Schoul zu Déifferdeng an elo och zu Esch, firwat hutt Der et dann net an d'Gesetz elo ageschriwwen? Dat wär d'Léisung gewiescht, fir och eis ze iwwerzeegen, datt Der et eescht mengt mam Lëtzebuergesch an mat där Sprooch an där Schoul. Dat ass awer net geschitt.

Mir wëllen net eng Schoul hei am Land, déi eigentlech d'Kanner laanscht d'Lëtzebuergesch duerch eise Schoulsystem oder mat net vill Lëtzebuergesch duerch eise Schoulsystem féiert. An dat ass awer hei. Mir wëllen och net d'sproochlech Realitéit vun eiser Gesellschaft änneren. Mir sinn an enger dräisproocheger Gesellschaft: Lëtzebuergesch, Däitsch a Franséisch virun allem, an dat wëlle mir net änneren. Datt ëmmer méi Englesch kënn, begrësse mer. Awer net op d'Käschte vun där sproochlecher Situatioun, wéi mer se am Land kennen.

Mir hu vum Här Delles héieren, jo, et wier wichteg, datt déi Jonk op déi Sprooch virbereet ginn, déi och am Beruff herno verlaangt gëtt. Mä wann een dat do zu Enn denkt, dann heescht dat, datt all déi, déi an eng traditionell Lëtzebuergesch Schoul ginn an hir Berufsausbildung op Däitsch oder Franséisch maachen, benodelegt wäer géintiwwer deenen, déi an enger anerer Lëtzeburger Schoul vum éffentleche Schoulsystem géifen erzu ginn an dann op Englesch géifen erzu ginn, datt mer géife selwer déi eng vun eise Schüler géintiwwer anere benodeelegen. Dat ka jo och keng Logik sinn, déi mer wëllen duerchzéien. Dat ka jo net en Zil vun engem Sproochesystem sinn.

Fir eis ass dat doten en typescht Gambia-Gesetz, alt nees eng kéier. Mir hunn an zwee Punkten hei fundamental Ennerscheeder. Mir hunn eng Regierung, déi seet, si géif eppes maache fir eis Sprooch, déi e 40-Punkte-Plang och proposéiert huet fir d'Lëtzeburger Sprooch, déi awer hei, wéi am Nationalitéitengesetz an op villen anere Plazen, u sech mat hire konkreten Aktiounen beweist, datt se eis Sprooch net wierlech eescht hält, datt se se net op déi éischt Plaz setzt, datt se dat, wat se ukënnegt, net realiséiert, wann et wierlech wichteg ass. A mir si gespaant op dat Gesetz iwwert d'Lëtzeburger Sprooch a wat do wierlech wäert u konkreten Aktiounen drastoen.

Dat hei sinn Aktiounen, déi weisen, datt d'Regierung d'Sprooch net eescht hält.

An deen zweete Punkt ass d'Rekrutierung vum Personal. Et ass jo gesot ginn, mir bräichten „native speakers“. Et kënnen Auslänner hei schaffen. D'ADR bleift der Meenung, datt d'Lëtzeburger Fonction publique soll Lëtzebuergesch sinn, datt déi Leit, déi do solle schaffen, bis op extrem Ausnamen, wann ee wierlech kee fënn, sollen déi Lëtzeburger Nationalitéit hunn an déi Lëtzeburger Sprooch um héchsten Niveau kënnen schwätzen. Dat ass eis Grondhaltung iwwert d'Fonction publique, an déi wäerte mer och net änneren.

Wann een dat heite kuckt, dat Gesetz, da muss een och soen, datt ganz wéineg iwwer Lëtzebuerg an där Schoul vermëttelt gëtt. Net nëmmen, datt d'Lëtzebuergesch op zweeter Plaz oder op drëtter oder véierter steet an der Wichtigkeet, am Enseignement jo praktesch guer net, mä och d'Wëssen iwwer Lëtzebuerg steet net als Zil am Gesetz. Et ass vum Här Delles rappeliert ginn, wat dosteet, duerch d'Referenz op déi lescht Diskussioun, déi mer hei haten, d'europäesch Iddi, d'Ouverture vers le monde extérieur, mä d'Connaissance vun deem Land, an deem déi Kanner wunnen, ass net an de Schoulziler vun där internationaler Schoul vun Déifferdeng an Esch.

Dat ass e strukturellen Defizit, dee mir net kënnen akzeptéieren: wéi gesot, keng Parallellgesellschaften. Fir eis ass kloer, datt mir déi traditionell Dräisproochegkeet vum Land net wäerten a Fro stellen an datt mer weider insistéieren, datt jiddwereen, deen hei zu Lëtzebuerg wunnt, jiddwereen, deen hei schafft, jiddwereen, deen hei an d'Schoul geet, an eis Gesellschaft integréiert gëtt.

Ech wëll ophale mat enger leschter Bemierkung, well mäi Kolleg, den Här Adam vun deene Grëngen, dovunner geschwat huet, wou e sech d'Fro gestallt huet: „Wat ass hei am Land nach Langue maternelle?“, an d'Beispill genannt huet vun enger Schoul, wou kee Lëtzeburger, wann ech lech richtig verstanen hunn, an enger Primärschoul, wou een oder kee Lëtzeburger dran ass.

Jo, dat ass eng Realitéit, déi mer hei am Land hunn. Mä wat ass d'Konklusioun, déi een aus esou enger Situatioun zitt? Eis Konklusioun ass, datt muss onbedéngt alles gemaach ginn, fir datt déi Leit eng gemeinsam Basis hunn, fir an



eis Gesellschaft kënnen integréiert ze ginn. An dat ass an eisen Aen, dat muss d'Lëtzebuurger Sprooch sinn. Alles aneres géif à terme d'Solidaritéit, d'Zesummegehéieregkeet vun eiser Gesellschaft a Fro stellen. An dat wär dann e falsche Wee.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Jo. Den Här Adam huet d'Wuert.

► **M. Claude Adam (déi gréng).**- Just well den Här Kartheiser dat erwänt huet, wat ech ugeschwärd hunn, datt mer hei zu Lëtzebuerg a ganz ville Schoulen eng Situatioun hunn, wou mer absolutt minoritär Kanner hunn, déi doheem Lëtzebuergesch als Mammesprooch hunn, wëll ech betounen, datt an eise Schoulen eng fantastesch Aarbecht gemaach gëtt.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Claude Adam (déi gréng).**- Ech gesinn déi esou oft, an ech ka just soen: Ech bewonnen déi Leit! Vläicht gesinn ech nëmmen déi Besch; ech weess et net. Ech gesinn der eng Rei an ech bewonnen déi Leit, wat déi mat engem Asaz, mat Kanner, déi aus 17 verschiddenen, oder wa mer soen, och nëmmen aus 12 verschiddenen Häre Länner kommen, mat wéi engem Asaz déi sech beméien, fir d'Lëtzebuurger Sprooch ze fërderen, an de Kanner op Lëtzebuergesch virsoen, wéi d'Wuert richteg ass, an dann och op Franséisch, op Englesch, deelweis op Portugisesch an esou weider hëllefen. An ech mengen, datt et och wichteg ass, fir deen Effort, deen déi Leit maachen, eng Kéier ze honoréieren.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

(*Interruption par M. Fernand Kartheiser*)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Neen, Dir sidd schoonn eng hallef Minutt iwwer Är Zäit. Ech hunn lech déi awer net ofgerechent. Mä bon, et ass eben esou. Den Här Educatiounsminister, den Här Claude Meisch, huet d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, e grouse Merci un de Lex Delles, deen dat haut besonnesch gutt gemaach huet. Vläicht och, well e Gebuertsdag huet. Duerfir och...

(*Brouhaha*)

...häerzleche Gléckwonsch!

► **Une voix.**- En ass ëmmer gutt!

► **M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.**- Ech wëll awer net méi op all eenzel Aspekter, sou vill sinn et der d'ailleurs och net, vun deem Gesetzesprojet agoen, awer nach eng Kéier soen, datt mer bei der Rentrée 2016 142 Aschreiwungen an der internationaler Schoul zu Déifferdeng haten, a bei der Rentrée 2017 waren et der scho 450, déi mer jo dee Moment och schoonn zu Esch mat empfänken, wat jo hei dann och elo mat legaliséiert gëtt. Dat weist, wéi grouss d'Demande ass. Déi Demande kënnt och dohier, datt bis elo ganz vill Schülerinnen a Schüler keng Plaz an eisen ëffentleche Schoule fonnt hunn. Déi eng sinn oft an deier Privatschoule gaangen an anerer sinn an d'Ausland an d'Schoule gaangen.

A wann hei elo d'Suerg geäussert ginn ass, mir kéimen zu Parallellgesellschaften, nun dann denken ech, datt mer hei wierklech eppes maachen, fir datt mer net zu Parallellgesellschaften kommen, datt all Kand hei zu Lëtzebuerg an d'ëffentlech Schoul ka goen, well mer eng deemtspriechend schoulesch Offer och ubidden. Dat erkläert eben och de Succès bei den Inskriptiounen vun deenen zwee éischte Joren. An dat seet eis eben och, datt mer wëllen deen dote Modell ausbauen, fir datt mer nach bei der nächster Rentrée schoonn deeselwechte Modell op anere Plazen hunn a queesch uechtert d'Land, eigentlech an all Regioun, och de Leit d'Wahlfräiheet ginn, an esou e Schoulmodell kënnen ze goen.

Dat heescht awer net, datt mer net un eise traditionelle Modell, fir et emol esou ze nennen, och wëlle festhalen, andeems mer dee schrittweis weiderentwéckelen. Dat maache mer jo an engem ganz grouse Schrëtt, zum Beispill wat d'Lycéesreform ubelaangt.

Déi international Schoul Déifferdeng-Esch ass net onbedéngt besser wéi all déi aner Schoulen. Si ass awer besser fir eng Rei vu Schülerinnen a Schüler. Dorëms geet et jo. An duerfir

solle mer net den traditionelle Modell a Fro stellen. Duerfir solle mer och dee weiderentwéckelen. Mä ech sinn der Meinung, datt och déi Schüler, déi do ganz gutt Resultater hunn, well dee Modell op si passt, e Recht hunn, hei am Land op déi dote Manéier weiderhi beschoult ze ginn.

Et kann een net elo all traditionell Schoul zoumaachen, fir eben nach just déi heite sinn ze loossen. An dat hunn ech nun awer e bësse bei der CSV hei eraushéieren, wéi och scho bei der Kritik un der Lycéesreform eraushéieren. An dat ass op jidde Fall a mengen Aen de falsche Wee. Mir brauchen, grad well mer esou vill ënnerschiddlech Schüler am Land hunn, och eng Rei vun ënnerschiddleche Modeller, fir méi Wahlfräiheet fir Schüler an Elteren an heiansdo och fir Enseignanten ze hunn.

Ee Wuert zur Formation professionnelle. Ech kann lech soen, Madamm Hansen, datt mer sécherlech hei wäerten haaptsächlech op deem Modell baséierend d'Formation professionnelle ubidden, wéi mer se och an anere Schoulen hunn, dat heescht, déi mer an der Partnerschaft mat de Chambres professionnelles geëieren, datt mer hei engleschsproocheg Formatiounen ubidden, déi iwwersate Formatiounen da sinn, déi mer haut schoonn op Däitsch oder op Franséisch ubidden.

Mir wäerten eis awer och mat deem Gesetz d'Méiglechkeet ginn - ech weess awer nach net, ob mer et maachen, mä mir ginn eis d'Méiglechkeet, an dat ass vläicht déi Differenz dann, déi mer nach hunn -, fir och, wa mer eng Kéier e gudder Modell géife fannen, wou mer eis kéinten agreëiere respektiv dee mer kéinten iwwerhuelen aus dem Ausland, dee virun allem de Schüler oder den Apprentien dee Moment géif d'Mobilitéit erlaben, d'Formation professionnelle an engem anere Land unzefänken an hei weiderzefuere respektiv hei unzefänken an anzwousch aneschtens weiderzefueren, datt mer dee Gedanken och kéinte mat opgräifen, da kéint ech mer dat scho virstellen.

Dat wëllt net heeschen, datt et erëm eng Kéier nëmmen dat doten ass. Et wëllt jo och net heeschen, datt mer all déi 120 Formatiounen och elo op Englesch wëlte maachen oder op Franséisch wëlte ubidden, mä datt mer et virun allem, an de Lex Delles ass dorobber agaangen, a Beräicher maachen, wou een och duerno an der Berufsrealitéit, an den Entrepenen eng Chance huet, net nëmme mam Engleschen, mä och do sécherlech mat Franséisch a mat Däitsch, déi een op engem aneren Niveau nach zousätzlech léiert, wou een also mat enger méisproocheger Ausbildung awer zu Lëtzebuerg och am Berufsliewe ka Fouss faassen.

Ee Wuert zur Lëtzebuurger Sprooch: Dat, wat ech hei erëm eng Kéier hu missen héieren, entsprécht nu wierklech net der Realitéit. An der internationaler Schoul zu Déifferdeng an zu Esch gëtt iwwer all déi Joergäng do net manner, mä méi Lëtzebuergesch enseignéiert wéi an all anerer ëffentlecher Schoul hei zu Lëtzebuerg.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.**- Méi Lëtzebuergesch enseignéiert wéi an all anerer ëffentlecher Schoul hei zu Lëtzebuerg! Och, Här Kartheiser, wann Eenzelner wéi Dir dat net wëlle wouerhunn: Dat ass d'Realitéit. Dir waart mat an der Kommissioun oder Dir hat op d'mannst d'Chance gehat, mat der Chamberskommissioun de Projet kucken ze goen an och déi dote Froen ze stellen an lech dovunner iwwerzeegen ze loossen. Ech weess net, ob Der et gemaach hutt. Op jidde Fall schéngt et net op gesonde Buedem bei lech gefall ze sinn.

Och domadder maache mer eppes fir d'Integratioun, well duerch de Fait, datt mer déi dote Schoul hunn an datt ganz vill Schüler net an eng international Privatschoul musse goen oder net an eng Schoul am Ausland musse goen, hu se iwwerhaupt emol d'Chance, mam Lëtzebuergesch an Kontakt ze kommen. A si sinn all Dag a Kontakt mat der Lëtzebuurger Sprooch, well ronn een Drëttel vun de Schülerinnen an de Schüler, déi hunn d'Lëtzebuurger Nationalitéit an där doter Schoul. An där doter Schoul geschitt d'Integratioun all Dag am Klassenall an och am Schoulhaff.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. Domat si mer um Enn vun der Diskussioun iwwert de Projet de loi 7150 ukomm. Mir kéinten zur Ofstëmmung iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7150 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. D'Ofstëmmung ass eriwwer.

32-mol Jo, 3-mol Neen a 25 Abstentiounen, domat ass de Gesetzesprojet 7150 ugeholl.

Ont voté oui: MM. Marc Angel (par M. Roger Negri), Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdin, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen (par Mme Claudia Dall'Agnol) et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Lex Delles);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia (par Mme Josée Lorsché), Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter (par M. Claude Adam) et M. Roberto Traversini.

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen (par M. Fernand Kartheiser), Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Se sont abstenus: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden (par M. Nancy Arendt), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers (par Mme Octavie Modert), Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott unzufroen?

(*Assentiment*)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

Nächste Projet um Ordre du jour ass de Projet de loi 7115, e Protokoll zur Konventioun iwwert den internationale Giddertransport. D'Wuert huet elo d'Rapportrice, d'Madamm Josée Lorsché.

12. 7115 - Projet de loi portant approbation du Protocole additionnel à la Convention relative au contrat de transport international de marchandises par route (CMR) concernant la lettre de voiture électronique, fait à Genève, le 20 février 2008

Rapport de la Commission du Développement durable

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng), rapportrice.**- Villmools Merci, Här President. Léif Kollegeinnen a Kollegen, bei deem Projet de loi handelt et sech, wéi gesot, ëm en Zousazprotokoll zu der UNO-Konventioun, déi den internationale Wuerentransport op der Strooss regelt.

Dës Konventioun ass 1961 a Kraaft getrueden, ass 1963 vu Lëtzebuerg ratifizéiert ginn an deckt méttlerweil 55 Länner of, inklusiv déi ganz Europäesch Unioun. D'Konventioun definéiert d'Konditiounen, ënnert deenen de Wuerentransport an deene betraffene Länner muss stattfannen, a bezitt sech méi speziell op d'Dokumente, déi fir deen Zweck gebraucht ginn, respektiv op d'Responsabilitéit vun den Transportfirmen.

Momentan ass et esou, datt souwuel d'Transportfirmen wéi och d'Chauffeuren an d'Destinatären eng sougenannt „lettre de voiture CMR“ benoten. Dobäi handelt et sech ëm en eenheetlech Dokument mat allen néidegen Informatiounen iwwert d'Natur vun den transportéierte Wueren an iwwer sämtlech Partner, déi vun deem ganze Wuerentransport concernéieren.

Den Zousazprotokoll, ëm deen et haut geet, huet als Zil, d'lettre de voiture CMR ze digitaliséieren. an dëst ënnert der Bezeechnung „e-CMR“. An deem Sënn fixéiert den Zousazprotokoll och d'Regelen, déi et erlaben, datt déi digital Form flächendeckend zougelouss gëtt an datt se deiselwecht Beweiskraaft an deiselwecht Effete kritt wéi d'Pabeiversioun.

Fir d'Aféierung vun der digitaler Form ze vereinfachen an ze testen, huet Lëtzebuerg sech engem Pilotprojet vun der Benelux ugeschloss. Dat war am September vun deem Joer, dëst als zousätzlechen Engagement zu der Ratifikatioun vum Protokoll.

Bleift nach ze soen, datt souwuel d'Transportkompanien wéi och d'Assurancen, d'Douane an d'Tëschenhändler vun den ekonomeschen, mä och ekologesche Virdeeler vun der Digitaliséierung profitéieren kënnen, net nëmme well d'Gestioun vun den Dokumenter acceleréiert a méi transparent gëtt, mä och well vill Pabeier ka gespuert ginn a well d'Kontrolle vereinfacht ginn.

Den Zousazprotokoll ass 2008 zu Genf ënnerschriwwen ginn an ass de 5. Juni 2011 a Kraaft getrueden. Bis elo hunn 12 Länner de Protokoll adoptéiert.

Léif Kollegeinnen a Kollegen, ech kommen zum Schluss. Dëse Projet de loi gouf den 31. Januar 2017 vum Ausseminister Jean Asselborn deposéiert. En ass awer weinst senger spezifescher Thematik un d'Nohaltegkeetskommissioun weidergeleet ginn. A sengem Avis vum 14. Juli 2017 huet de Statsrot de Projet de loi integral guttgeheescht. Datselwecht zielt fir d'Chambre de Commerce, déi der Digitaliséierung ganz positiv vis-à-vis stoung. Dat war an hirem Avis vum 3. Abrëll 2017. A schliisslech huet d'Nohaltegkeetskommissioun mäi Rapport de 16. November 2017 eestëmmeg ugeholl.

Domat sinn ech schoonn um Schluss a ginn den Accord vun der grénger Fraktioun, mat engem grouse Merci fir Ar Opmierksamkeet.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och der Madamm Rapportrice. An d'Wuert huet den Här Aly Kaes.

Discussion générale

► **M. Aly Kaes (CSV).**- Jo. Merci, Här President. Ech wëll mer erlaben, der Rapportrice villmools Merci ze soe fir dee schrëftlechen an natierlech och fir deen elo grad virgedroene mëndleche Rapport. Dee war sou komplett, datt et sech eriwwegt, nach iergend e Kommentar derzou ze maachen. Duerfir géif ech den Accord brénge vu menger Fraktioun. Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och. Den Här Negri huet d'Wuert.

► **M. Roger Negri (LSAP).**- Merci, Här President. Mam Accord vun eiser Fraktioun ginn ech och de Merci virun un d'Rapportrice Madamm Josée Lorsché.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. Den Här Gusty Graas huet d'Wuert.

► **M. Gusty Graas (DP).**- Jo, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dee Projet hei reit sech jo gutt an d'Strategie „Digital Lëtzebuerg“ an. A mir kënnen dat och nëmme begrëissen. Et ass richteg, wéi d'Madamm Rapportrice gesot huet, datt doduerch jo och vill Pabeier agespuert gëtt, datt alles vill méi séier geet. Dat entsprécht am Fong geholl och enger moderner Fonctiounsweis an der Aarbecht.

An deem Sënn bréngen ech selbstverständlech och den Accord vun der Demokratescher Partei. Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. Den Här Kartheiser huet d'Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Merci, Här President. D'Madamm Lorsché wor sou komplett, e grouse Merci u si. Si huet eis iwwerzeegt haut vun deem Projet.

► **Plusieurs voix.**- Ooh!

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Mir stëmmen e gär mat. Merci.

(*Interruption*)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. Ech ginn dovun aus, dass datselwecht fir eis aner Kollege gëllt, dass mer och also den Accord vun der Lénker hunn. Dann huet den Här Nohaltegkeetsminister d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

► **M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.**- Merci, Här President. Fir d'Éischt emol e grouse Merci un d'Rapportrice fir hire gudder schrëftlechen a mëndleche Rapport.

An ech halen eis net laang op: Merci fir déi breet Zoustëmmung.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. Da si mer um Enn vun der Diskussioun vum Projet 7115 ukomm a mir ginn direkt zur Ofstëmmung iwwer.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7115 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung ass lancéiert. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. A schoonn ass d'Ofstëmmung eriwwer.

Besser kann et net goen: 60 Stëmmen derfir. Also ass de Projet 7115 ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden (par M. Laurent Mosar), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers (par Mme Nancy Arendt), Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;